

Mir konnten also den éischte Volet vun der Reform vun der Psychiatrie duerch vill gudde Wëllen um Terrain mat villen enga-géierte Leit vum Terrain iwwert d'Ronne bréngen. Ech ënnersträichen, dass vill gudde Wëllen a vill Diskussiounen a vill Be-géinunge vun där nei animéierter Plattform Psychiatrie noutwendeg waren, fir dat dote kënnen ze erreechen. Ech wëll och hei aus-drécklech deene Leit Merci soen, déi wäh-rend Stonnen, während Deeg zesumme-souzen, fir déi doten Iwwergäng méiglech ze maachen, ouni dofir och nëmmen déi geréngste materiell Unerkennung ze kréien. Dofir, moralesch Unerkennung hu se sech ganz sécher verdéngt.

Dat ass ee vun de Volete vun der Psychia-trie. Opgrond vun deem wat geschitt war huet déi jëtzeg Regierung ganz am Ufank vun der Amtsperiod de Professer Rössler beoptraagt, en État des lieux ze maachen, fir eis d'Méiglechkeet ze ginn, fir déi nächst Etappe vun der Reform vun der Psychiatrie ze plangen. Mir sinn haut esou wäit, dass mer net nëmmen de Rapport Rössler hunn, mä dass mer amgaang sinn, den Aktions-programm fir déi weider Reform vun der Psychiatrie ze finaliséieren. Mir wäerten déi wesentlechst Elementer vun där Reform, vun deem Aktionsprogramm bei der Jour-née nationale de la Santé Mëtt Januar vir-stellen, mat enger virleefeger Bilanzéierung vun deem, wat an deene leschten zwee Joer um Terrain vun der Psychiatrie geschitt ass.

Zwee, dräi Elementer, déi vläicht wichteg sinn zu dësem Zäitpunkt schonn ze soen, well se ganz wäit fortgeschratt sinn:

Éischstens hu mer fir déi weider Reform vun der Psychiatrie e wesentlechen Duerch-broch erreecht - a mir wäerten deemnächst dee Projet de loi hei op den Dësch kréien - doduerch, dass mer der Psychiatrie extra-hospitalière en zousätzlecht finanziellt Standbee ginn.

Déi Réseauen, wéi mer se haut hunn, mat deene Strukturen, déi un de Réseauen hän-ken, si bis elo bal ausschliesslech, mat Nuancen, iwwert de Statsbudget bezuelt ginn. Mir hunn et mat de Krankekeesen fäerdeg bruecht, fir deem dote Beräich vun der Psychiatrie e weidert Standbeen ze ginn, dat heescht de médicaliséierten As-pekt bei d'Krankekeesen ze rattachéieren, net alles, mä en Deel, fir dass mer d'Mëttele kréien, fir déi Réseauw weider auszebauen.

Well, et soll ee sech näischt virmaachen, wa mer doduerch, dass mer dezentrali-séiert hunn, Leit an déi akut Spideeler kréien, da féiert dat dozou, dass se manner laang an deene Strukture bleiwen a vill méi séier Relaisë musse fannen, wou se no där akuter Phas behandelt a begleet gi kënnen. Déi musse mer dofir ausbauen, an dofir brauche mer d'Moyenen, budgetär an och iwwert d'Krankekeesen. Dat ass garan-téiert.

Dann en zweet wesentlecht Element, wou muer an der Commission permanente des Hôpitaux driwwer diskutéiert gëtt, de Plan stratégique vum CHNP. De CHNP besteet weider, huet eng ganz Rei vu Strukturen, déi sech schonn dezentraliséiert hunn, mä en ass net um Enn vu sengem Wandel, brauch Perspektiven, brauch Konzepter. Déi sinn ausgeschafft ginn an déi sinn am Moment amgaang finaliséiert ze ginn.

De CHNP, an dat wëll ech ausdrécklech ën-nersträichen, huet gewisen, dass en adap-tierungsfäeg ass, well mer et an enger Re-kordzäit fäerdeg bruecht hunn, déi Struktur ze schafen, déi mer gebraucht hunn, fir feelpocéiert Jugendlecher mat psyche-schen an och Drogeproblemer kënnen aus dem Prisong erauszekréien an an eng nei Struktur eranzebréngen. Déi ass de leschte Méindeg offiziell opgaangen. An do muss ech soen: Unerkennung fir déi Leit, déi dat doten zesumme mat allen Instanzen, mat der Justiz, mat dem Kolleeg Luc Frieden, deen dat matgedroen huet, mat dem Ju-gendrichter a mat all deene Partner, déi ronderëm sinn, konnten op d'Bee setzen. Zwee weider Foyere wäerten dës Struktur ergänzen.

Also e weidert Element vun der Reform vun der Psychiatrie, de CHNP, dee seng Plaz muss fannen. An ech soen dat esou, wéi ech dat denken: Wa mer et fäerdeg brén-gen, an deenen nächste fënnef Joer - ech nennen emol eng IZsetzung, et brauch ee jo ëmmer Zilsetzungen - dee grouse Ba-detti, dee mer nach do stoen hunn, d'Heichhaus vum CHNP zu Ettelbréck, dat Symbol vun der Psychiatrie aus fréieren Zäiten ofgebaut kënnen ze kréien, dann hu mer och mat engem CHNP mat enger neier Ausstrahlung ze dinn, dee sécher seng Plaz an der reforméierter Psychiatrie huet a se och wäert behalen.

Am Débat sinn eng Rei vu Froe gestallt ginn. Ech wëll schnell dorop agoen. De

Foyer médicalisé gehéiert zum Concept stratégique vum CHNP, a mir hunn de Go gi fir d'Gebaillechkeeten, fir en éischte Foyer médicalisé anzerichten. Et wäerte weiderer nokommen, mä de Plan stratégique muss awer nach genehmegt ginn.

Qualitéitsmanagement ass selbstverständ-lech, an der Psychiatrie wéi an alle Beräi-cher vun der Gesondheet absolut noutwen-deg. Dat ass eppes, wou mer eis schwéier-dinn, fir dat ze maachen, mä et ass onerlässlech, e Benchmarking, wou ee be-reet ass, sech deem ze stellen, a virun al-lem Transparenz, fir dass en éclairéierte Patient do ka goen, wou en am beschte be-handelt ka ginn.

Ech mengen ech hu scho virdrun op déi Fro geäntwert wéi mer zousätzlech Budgetë kënnen bereetstellen.

Evaluatioun, selbstverständlech, dat geet an dat Viregt eran.

D'Strukturen, déi mer brauchen - an do sinn eng Rei vu Riedner drop agaangen - fir d'Jugend, fir d'Kanner. D'Jugendpsychia-trie hu mer um Kierchbiereg, se fonction-néiert exzellent a gëtt ergänzt duerch en Hôpital de jour. D'Kannerpsychiatrie am CHL ass am Bau a wäert 2008 zur Verfü-gung gestallt ginn. An da musse mer effek-tiv dee Bilan maache mat de Krankekeesen zesumme vun de Pathologien haaptsäch-lech bei Kanner a bei Jugendlechen, déi am Moment an d'Ausland ginn, déi awer vläicht besser, méi sënnvoll, méi effikass hei zu Lëtzebuerg kéinte behandelt ginn, wa mer déi noutwendeg Strukturen hätten. Och doru schaffe mer am Intérêt vun deene Betraffenen an hire Familien.

Et ass virdru gesot ginn, dass mer eng ganz Rei vun Akteuren um Terrain hunn, déi alleguer extrem gutt Aarbecht leeschten, déi awer nach besser Aarbecht leeschten, wa se dat net an engem konkurrenzuelle Geescht gesinn, mä wa se zesummeschaf-fen. Et däerf keen den Usproch hunn, fir e Monopol ze hunn an deem heite Beräich, mä mer mussen et fäerdeg bréngen, fir eng exzellent Continuité des soins ze kréien do-duerch, dass och d'Akteuren alleguer be-reet sinn, mateneen ze schaffen, a virun al-lem alleguer och bereet sinn, sech a Fro ze stellen a sech op nei Erausfuerderungen anzustellen. Dat ass net ëmmer esou evi-dent.

Nach ganz kuerz op déi Froen, wat mer wëlles hunn an deene Beräicher, déi hei zu Lëtzebuerg nach net esou systematesch couvréiert ginn, wéi Anorexie, Bulimie an aner Krankheeten. Dat geet an déi Rich-tung eran, wou ech lech gesot hunn, dass mer kucken ze bilanzéieren, wou déi gréisste Besoinë si vun deene Persounen, déi am Moment an d'Ausland ginn, an ob mer sënnvoll Strukturen, déi da besser, méi sënnvoll behandele kënnen, opbaue kën-nen.

Preventioun vum Suicide, do leeft an der Zwëschenzäit e Projet...

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Et gëtt nach aner Krankheeten, wou psychesch Er-krankungen drënnerfalen.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Jo, selbstverständlech.

Preventioun vum Suicide, do leeft an der Zwëschenzäit e gudde Projet tëschent Santé an der Ligue d'Hygiène mentale.

Coups de cloche de la Présidence)

Ech kommen zum Schluss, Här President.

» **M. le Président.** - Et gëtt Zäit.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Et leeft, wéi gesot, e gudde Projet tëschent der Ligue d'Hygiène mentale an der Santé.

Zur Preventioun ass alles gesot ginn. Ech deelen déi Meenung. Och an eisem Beräich muss deem Rechnung gedroe ginn, wat d'Haaptursaache fir Aliwwerunge sinn. Dat sin d'Dependenzen aller Zort, Psychosen, Déprimen, akut Suicidegefor, an an an.

Als leschte Saz, Här President, wëll ech soen, dass dat heite Gesetz e klenge Bau-steen ass fir déi Reform vun der Psychia-trie, an dass e weidert wesentlecht Element a Preparatioun ass. Do ass den Aarbechts-grupp, deen ech sengerzäit agesat hunn, schlësseg ginn a senge Propositionen, dat heescht d'Propositione leien um Dësch fir déi fundamental Reform vun der Placementsprozedur mat Contrôle juridique a Rekursrecht fir de Patient.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Dat ass awer e laange Saz, dat do, Här Di Bartolomeo.

(Hilarité)

Är Zäit ass elo zwou Minutten ofgelaf. Et gëtt elo Zäit, dass Der zum Schluss kommt.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Oh, meng Zäit ass nach esou bal net ofgelaf, Här President...

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Är Riedezäit.

(Interruption et hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mir kënnen elo un d'Schreiw vum Gesetz goen. Ech wëll lech net den Dag nennen, weini dass de Projet presentéiert gëtt, mä ech mengen, dass dat fir d'nächst grouss Vakanze prett wäert sinn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

(Hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Vill-mools Merci, dass Der mer esou laang no-gelauschtert hutt.

» **M. le Président.** - Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun dësem Projet de loi. De Vote fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5490 ass mat 59 Jo-Stëm-men, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abs-tentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Fran-çois Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Du-val), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Die-derich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5543 iwwert d'Verbidde vum Verkaf vun Alkohol u Jonker ënner 16 Joer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Damme Frank an Dall'Agnol an déi Häre Krieps, Huss, Mehlen a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, an dat ass och an dësem Fall déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol.



2. 5543 - Projet de loi portant interdiction de la vente de boissons alcooliques à des mineurs de seize ans

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Déi Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5543 huet als But, d'Vente vun Alkohol u Jugendlecher ënner 16 Joer ze verbidden. Dëst iwwerall, dat heescht och a virun allem a Butteker, Supermarchéen an och op Tankstellen.

Firwat ass awer dëse Projet de loi elo néi-deg? Ma, well et bis elo hei zu Lëtzebuerg nom Gesetz vun '89 iwwert de Régime des cabarets wuel esou eng Interdictioun gouf,

mä déi beschränkt sech drop, datt nëmmen an Débits de boissons keen Alkohol u Ju-gendlecher ënner 16 däerf verkaaft oder awer och offréiert ginn. Am Kloertext heescht dat, datt bis elo zwar kee Jugend-lechen ënner 16 Joer am Café huet däerfen Alkohol drénken, mä awer bal iwwerall soss es huet däerfe kafen, an esou och de Schutz vum Jugendleche virum Alkohol net gewährleescht war.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Kee Wonner also och, datt den Alkoholkon-sum bei jonke Leit en ëmmer méi grouse Problem duerstellt, an datt den éischte Kontakt mam Alkohol an engem ëmmer méi niddregen Alter stattfënn.

Eng Etüd vun 2003, déi hei zu Lëtzebuerg realiséiert gouf, bestätegt déi Tendenz, well ëmmerhi laut där Etüd 68,2% vun den 13-Jährege schonns Alkohol konsuméiert hunn. Där Etüden, där et der iwwregens iw-werall queesch duerch Europa eng ganz Rei gëtt, beweisen dat praktesch iwwerall. Gewosst ass och wat fir eng Follegen esou en iwwerméissegan Alkoholkonsum huet, besonnesch eben an deem jonken Alter, wou de Kierper nach am Wuessen ass an den Organismus dee Moment och nach be-sonnesch vulnérabel ass.

Datt Designerdrinks oder och Alcopops, wéi mer se nennen, eng grouss Gefor duer-stellen, dat ass jo och net eréischt säit gëschter bekannt. Dofir hu mer jo och dann ufanks vun dësem Joer eng Tax op d'Vente vun dësem Gedrénks agefouert.

Och international ass de Fléau Alkohol bei Jonker bekannt an e gëtt och thematiséiert, sief et beim Conseil vun der Unïoun 2001, wou eng Recommandatioun erausgoung d'Situatioun ze belichten an ze kucke wéi ee géint dee Phenomeen kéint virgoen. An och 2004 gouf als Konkclusioun ugeholl, datt d'Kommissioun eng global europäesch Strategie soll unhuelen, fir dem Alkoholis-mus bei Jonker Här ze ginn.

Och erëm eng Kéier d'OMS, d'Weltgesond-heetsorganisatioun also, huet sech 2001 schonns mat deem Thema hei auserneege-sat a sech och verschidden Objektiver ge-sat, déi Der alleguerte kënn am Detail am schrëftleche Rapport ermëfannen. Ech wëll der elo nëmmen zwee hei erauspicken, nämlech den Alter, wou den éischte Kon-takt mam Alkohol stattfënn, an d'Luucht ze setzen an och ze probéieren, de Kontakt mam Alkohol op e Minimum ze beschrän-ken. Dat heescht, datt dee Jonken net iw-werall do, wou en higeet, mat Alkohol kann a Kontakt kommen, et ugebuede kritt oder et awer och ze kafe kritt. A genau hei gräift jo dann de Projet de loi, dee mer haut solle stëmmen.

D'Kommissioun war sech duerchaus be-wosst - an déi Meenung deele mer och mat de Berufskummeren, deenen hir Avisë mer gefrot haten an déi dem Projet alles an al-lem favorabel gesënn't waren -, mir sinn eis also alleguerte bewosst, datt duerch dëse Projet de loi net all d'Scheewercher am Dré-chene sinn. Am Kloertext heescht dat, mir kënnen heimadder net all Kontakt vum Ju-gendleche mam Alkohol verhënneren, mä mir kommen awer emol e gudde Schrëtt an déi richteg Richtung virun.

Et goufen an der Diskussioun och Stëmmen haart, déi gemengt hunn, datt de Verbuet vun Alkohol fir Jugendlecher just de Contraire kéint bewierken, nämlech datt de verbuedenen Alkohol ebe géif nach méi at-traktiv gi fir Jonker. Mir sollen dofir haut dëse Projet de loi stëmmen, ouni awer ze vergiessen, datt do hannendrun och muss eng Sensibiliséierung an eng Responsabili-séierung vun all den Akteure kommen, uge-faang bei deene Jonken, hiren Elteren an och dem Commerce, an datt mer och sol-len drun denken hei Campagnë fir déi Sen-sibiliséierung virzegesinn.

Wéi gesot hunn och d'Beruffschamberen, dat heescht de Collège médical, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an d'Chambre d'Agriculture dës Meenung gedeelt, genau wéi och de Stats-rot, deen a sengem Avis vum 20. Juni 2006 och bemierkt, datt esou e Verbuet kéint ëm-gaange ginn an datt et also och mam Projet de loi 5543 keng absolut Sécherheet vum Schutz vum Jonke virum Alkohol gëtt. Dofir schléit dann och de Statsrot d'Ausschaffe vun engem Code de bonne conduite vir.

De Statsrot huet dann awer och den Article unique vun dësem Projet de loi, wéi mir et vun him gewinnt sinn, mat der néideger Suergfalt ënnert d'Lupp geholl an eng Rei Virschléi gemaach, déi d'Kommissioun an hirer Réunioun vum 19. Oktober analyséiert an och diskutéiert huet. D'Detailer fannt Dir alleguerten am schrëftleche Rapport erëm.

Ënner anerem mécht de Conseil d'État d'Remarque, datt den Text «mélanges de boissons alcooliques avec d'autres boissons», esou wéi en am Projet steet, fir Konfusioun kéint suergen, a schléit dofir vir dat ewechzeloossen. Senger Meenung no geet «boissons alcooliques» duer, well heirënnern jo och géinge Mélangé falen. No Diskussiounen awer an der Santéskommissioun hu mir trotzdeem décidéiert, beim Regierungstext ze bleiwen, aus där Ursaach, datt dës Textformuléierung och bei der Tax op den Alcopops gebraucht ginn ass, an datt mir jo eigentlech wëlle bei deene Gesetzzer op enger Linn bleiwen.

Ugeholl hu mir awer eng Propos, fir ze soen, datt et hei ëm Mineurs de moins de seize ans geet an net ëm Mineurs de seize ans.

De Conseil d'État huet och bemängelt, datt de Projet de loi keng Measure virgesäit, déi d'Commerçanten dozou zwéngt ze affichéieren, datt et verbueden ass, Alkohol u Jonker ënner 16 Joer ze verkaufen.

Der Kommissioun war déi Propos op den éischte Bléck ganz sympathesch. Alledéngs hu mir no längerer Diskussioun décidéiert, och hei beim Regierungstext ze bleiwen, an dat aus der Ursaach, datt eis hei keng Proposition de texte virlouch, a mir eis och net esou direkt elo konnte virstellen, wou dann zum Beispill an engem grousser Supermarché déi Interdictioun sollt affichéiert sinn: an der Entrée, an der Keess, am Rayon? Wéi sollt déi affichéiert sinn? Geet do eng DIN-A4-Säit duer? Muss dat eng grouss Affiche sinn?

Dat heescht, mir hunn eis eigentlech aus éischter prakteschen Ursaache géint déi Propos ausgeschwat a konnte se net zréckbehalen. Mir waren eis awer trotzdem alleguerten eens, datt et e gudde Virschlag wär, deen een net soll vergiessen an deen een an de Code de bonne conduite, vun deem ech lech jo virdru schonns geschwat hunn, kéint affléisse looszen.

Zu gudder Lescht schléit de Statsrot och nach vir, den drëtten Alinea ewechzeloossen. Hei geet et ëm déi méi juristesche Säit vum Projet de loi. De Statsrot ass, an deem schléisst sech dann och d'Kommissioun un, der Meenung, datt d'Applicatioun vum Droit commun net muss an all Spezialgesetz widderholl ginn.

No dësen Analysen an Diskussiounen gouf de Rapport an eiser Réunioun vum 30. November ugeholl. Souwäit also fir d'Aarbechte vun der Kommissioun um Projet 5543, deen iwwregens vum Minister vun der Santé Vältesdag dëst Joer hei an der Chamber déposéiert gouf a fir deen ech den 9. März als Rapportrice designéiert gi war. An där Fonctioun soen lech fir de Moment elo emol Merci fir d'Nolauschteren a kommen dann herno nach eng Kéier am Numm vu menger Fraktioun op dëse Projet zréck.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Madame Rapportrice. D'Wuert huet gefrot d'Madame Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänke wëll ech der Rapportrice häerzlech Merci soe fir hiren detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll a mengen Ausféierungen net méi ze vill op de virleiende Gesetzesprojet agoen, mä kuerz op d'Problematic Jugend an Alkohol vun haut.

Et geet haut net ëm déi puer Jonker, déi eemol wollten testen, wéi den Alkohol op se wirkt, andeem se doheem an hirem Keller bei hiren Elteren emol e puer Fläschchen erausgeholl hunn, sech zesummefonnt hunn an doropshi sech eng Kleng ugestréckt hunn, wéi mir dat um Duerf nennen, an eng Kéier gutt voll gi sinn an dorausser

vläicht Konsequenze gezunn hunn, wat hinnen dann och eng liewenslänglech Léier gëtt.

Mä haut geet et ëm vill méi e schlëmme Phenomeen, nämlech ëm den iwwerdrüwenen Alkoholkonsum bei eiser Jugend. Wann een deene verschiddenen Experten nolauschtert a sech op den Drogerapport baséiert, dee viru kuerzem virgestallt ginn ass, da musse mer leider feststellen, datt vill Jonker an - ech betounen - haut Kanner vun 11, 12, 13, 14 a 15 Joer ganz fréi mam Alkohol a Verbindung kommen an en - wat vill méi schlëmm ass - regelméisseg an ëmmer méi staark Dose consomméieren.

Alkohol ass eng typesch Astiegsdrog gi fir vill Jonker, déi de Wee net méi erausfannen, sou datt se no an no zu ëmmer méi haarde Mëttele gräifen an iergendwann am Drogemilieu landen. Dat wëll net heeschen, datt, wa Jugendlecher eng Kéier e Patt ze vill gedronk hunn, dono gläich an der Fixerstuff landen.

Mä mir dierfen de Problem vum Alkohol net ignoréieren oder verharmlosen, mä mir mussen eis konsequent asetzen, fir d'Kanner an d'Jugendlecher virun der Drog Alkohol ze schützen a virun hire Konsequenzen.

Et si jo scho positiv Moosname geholl ginn. Am Januar vun dësem Joer ass op de sougenannten Alcopops, déi duerch hire séisse Geschmaach ganz geziilt un eis Jonk geriicht sinn, eng extra Tax erhuewe ginn. Dës geféierlech Designerdrinks si Gott sei Dank an deene leschte Méint a ville Supermarchéen aus de Regaler verschwonnen, wat ech als wierklech positiv betruechten. Dat Schlëmmt un den Alcopops ass jo, datt een héichprozentegen Alkohol drénkt, deen eben esou gutt séiss schmaacht, wouduerch déi Jugendlech dann ëmmer erëm mam Alkohol konfrontéiert ginn.

Mä no dëser Measure ass et also héich Zäit ginn, datt iwwerall verbuede gëtt, fir u Jonker ënner 16 Joer Alkohol ze verkaufen. Bis elo huet de Verbuot jo nëmmen an de Caféen, Restauranten a Bare stattfonnt. Wann ee sech awer bewusst mécht, wéi vill Sortimenter vun alkoholeschem Gedrénks an de Supermarchéen ugebuede gëtt, och op den Tankstellen an och bei eis an den Dierfer, esou ass et absolut logesch, datt et endlech verbuede gëtt, de Kanner Alkohol ze verkaufen.

Et kann net sinn, datt 15-Jähreger sech e Sixpack oder eng Fläsch Whisky kafen, se da mat Limonad opfëllen an dann ënnert der Täsche mat op Fester huelen a sech do volllaffe looszen. Dat ass ganz bedenklech. Dofir ass dëst Gesetz vu grousser Bedeitung.

Mir mussen eis awer och der Tatsaach bewusst ginn, datt mir eis Jugend net nëmmen duerch Gesetzzer schützen kënnen. Mir musse se sensibiliséieren an informéieren, esou wéi eis Rapportrice dat elo just gesot huet, a se iwwert déi irréparabel Konsequenzen informéieren. Dës Sensibiliséierung fänkt a mengen Aen doheem an der Famill un. Haut sti mer virun deem grousser Problem, well et gëtt vill Elteren, déi sinn - aus wéi enge Grënn och ëmmer - net méi à même hir Kanner ze erzéien, si sinn iwwerfuert. A grad dës Eltere brauchen eng sozial a regelméisseg Elterebereodung, Ënnerstëtzung a Begleedung.

D'Eltere sinn déi, déi de Kanner eigentlech mussen dat gutt Beispill doheem virliewen, datt et net zur Normalitéit gehéiert, all Dag Alkohol ze consomméieren a scho guer net a grousser Quantitéiten, an de Kanner erklären, datt den Alkohol e Genossmëttel ass; wat och gutt esou ass. Et huet awer och kee Wäert, virun de Kanner den Alkohol ze verdäiwelen an en absolut ze verbidden, well alles dat, wat ee verbitt, ka richteg interessant ginn. Duerfir ass et wichteg, datt mer de Kanner e gutt Beispill virliewen.

Et muss een och bedenken: De Wäin an de Béier sinn een Deel vun eiser lëtzebuerger Kultur. Wat wien den Norden ouni seng Béiertraditioun...

(Hilarité)

...an den Osten ouni säi gudde Muselwäin? Dat gehéiert eben...

(Interruptions diverses)

» **Une voix.**- Bei eis gëtt nëmme Waasser gedronk.

(Hilarité)

» **M. le Président.**- Wëllt een der Madame eng Fro stellen?

(Négation)

Da loosst d'Madame schwätzen, wann ech gelift.

» **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Dat gehéiert...

» **M. Henri Grethen (DP).**- Déi wichtegst Brauerei ass am Süden.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).**- An an der Stad, Madame Frank?

» **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Ech kommen nach drop zréck, Madame Loschetter.

Mä dat gehéiert zu eiser gudder Kultur. Gradesou wéi déi sëllech Wäin- a Béierfester, wéi ech elo just gesot hunn, zu deenen typesche Manifestatiounen an eise ganze Land gehéieren, esou ass den Alkohol ontrennbar vun eise Patrimoine culturel. Mä dat, wat haut awer anescht ass wéi viru Joren: datt mer ëmmer méi Jugendlecher fannen, déi zesummen op d'Fester ginn, an déi sech do volllaffe looszen, an da vun der Police musse bal als Alkoholläichen ofgeschleeft ginn. Dat fannen ech dramatesch.

Mä et soll een dat net verallgemengeren, well och den Alkohol kann eng positiv Wierkung op de Mënsch hunn: Et ass medezinesch erweisen, datt bei erwuessene Mënsche geréng Quantitéite vun Alkohol souguer gutt fir d'Gesondheet sinn a souguer virun Häerzinfarkt kënnen schützen.

» **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

» **Mme Marie-Josée Frank (CSV).**- Awer wéi gesot, alles mat Moossen, awer net fir déi Jonk mat 16 Joer, well mat 16 Joer kennt ee seng Grenzen an deem Domän sécherlech net. Duerfir setzt dat Gesetz hei e wichtigen Akzent.

Mir sinn eis och bewusst, datt et net einfach ass, fir deene ville Jonken ofzegesinn, ob se dann elo grad 16, 15 oder 14 Joer al sinn. Duerfir ass et wichteg, datt déi, déi d'Vente maache vun deenen alkoholesche Getränker, am Zweifelsfall och d'Carte d'identité froen dierfen. A wann déi Jonk den Alter net hunn, och mussen Nee soen. Wann dat net geschitt, da mussen déi sanktionéiert ginn.

Fir datt mir als Politik de feste Wellen ënnersträchen, datt mer eis Jugendlechen mussen ofhalen, fir am jonken Alter Alkohol ze consomméieren, musse mer op Informationscampagnë setzen, och an der Schoul an iwwerall op deene Plazen, wou Jugendlecher sech treffen, a se op d'Folge vun dem Alkoholkonsum opmierksam maachen. Ech denken do zum Beispill un dee Spot am Kino, wéi mer e kennen, dee viru kuerzem ausgestraalt ginn ass, deen op d'Risiko vum Tabak opmierksam gemaach huet.

Wéi ech elo grad gesot hunn, d'Informationscampagnen an der Schoul mussen - awer och de Centre de prévention des toxicomanies, déi eng wonnerbar Aarbecht leeschten - weiderhin Ënnerstëtzung kréien an déi néideg Moyaenen a Budget, fir datt se déi Aarbecht, déi se an deene vergaangene Jore geleescht hunn, och weider kënnen ausféieren. An et ass eigentlech traurig, wann een d'Budgete vun deene leschte Jore kuckt, datt se manner kritt hunn, wéi an deene Jore virdrun.

Duerfir mengen ech, si mer grad an dësem Moment op där richteger Plaz, fir eis Regierung opzefuerderen, datt dat, wat se gestrach kritt hunn an deene leschte Joren - 10% sinn dat -, géif berücksichtegt ginn, fir datt si iwwerall do, wou se Aarbecht kënnen leeschten - an de Schoulen, an den Heimer bei Jugendlechen an e besseren Zougang zu den Eltere kréien -, mat eis an zesumme mat alle Partner et fäerdeg bréngen, un engem Strang ze zéien, fir eis Jugendlechen vun deem héije Konsum un Alkohol ofzehalen.

Ech géif am Numm vu menger Fraktioun den Accord ginn, an hoffen a wënsche mer, datt mer mat dësem Gesetz en Akzent gesat hunn, fir dësem Problem Meeschter ze ginn.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Madame Frank. Elo kennt den Här Krieps. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Alexandre Krieps (DP).**- Här President, zur Gesetzesvirlag 5543 bréngt d'demokratesch Fraktioun hir voll Ënnerstëtzung. An der Dokumentatioun, déi der Chamberskommissioun virlouch, gëtt kloer, dass et e schreckleche Constat ass, dass ëmmer méi ganz Jonker zum Alkohol gräifen. Vill Leit hätte souguer gär gesinn, dass d'Altersgrenz fir den Akaf vun Alkohol op 18 Joer eropgesat gi wär.

D'Constaté sinn iwwerall unanime gewiescht, och wat déi individuell a gesellschaftlech Folge sinn: psychosozial Folgen - et ass virdrun hei gesot ginn -, Suiciden -

et ass d'ailleurs e gewëssenen Iwwer-„laping“ mat deem, wat den Här Huss hei développéiert huet -, fräiwëlleg Violence, domm Wetten, physisch Konsequenzen op d'Gehir, d'Liewer; a speziell e ganz schlëmme Phenomeen: bei der schwangerer Fra. Do trieden terribel Malformatiounen op, och bei geréngste Quantitéiten, déi gedronk ginn.

An da muss ee bei deene ganz Jonke gesinn, dass den Alkoholkonsum e richtege Gruppphenomeen ass. Dat ass e Géigesaz zum Alkoholismus bei deenen eelere Leit. Bei deene méi Jonken ass dat e Gruppphenomeen. An dee muss een och erkennen. Et muss een och gesinn, dass déi Attitüde sech oft an e polytoxikomanesche Kontext aschreiwten: Tabak, Wicken, haart Drogen, an dann och Schmäerzmëttelen, wat am Fong net méi ganz innocent ass.

Kulturell oder sozial si keng grouss Ënnerscheeder. Et trifft all Communautéiten, all sozial Schichten. D'Meedercher sinn amgaang d'Jongen erëmzekréie bei deem dote Problem, wéi a villen aneren. An den Alkoholismus bei der Fra ass vill méi schlëmm wéi beim Mann. Däers muss ee sech ganz bewusst sinn. Dat huet physiologesch Ursaachen.

Opfalend heefeg sinn awer och - an d'Madame Frank huet dat ernimmt - zerrasse Familieverhältnisse. Mä ech mengen, d'Hauptdängen hei, wat ee muss soen, dat ass, dass de Grëff zur Fläsch bei deene ganz Jonken och en Appel au secours ass. An ech mengen, wéi bei aneren Dénger muss d'Gesellschaft sech deem bewusst sinn, dass do gehollef muss ginn, an net verdaamt. Ëmmer méi heefeg gesäit ee jo och dee Phenomeen vum „binge drinking“, wou Leit sech richteg de Kapp vun de Schëlleren drénken, an domadder spéiderhi vill Nofolgekäschte fir d'Gesellschaft kréieren.

Mir wären och frou gewiescht, wann de Minister vun der Gesondheet d'Suchtpräventionspolitik an de Schoulen nei opgeluecht hätt an am ganz jonken Alter, fir eng uerdentlech Éducation sanitaire ze kréien.

D'Répressioun - dat huet d'Madame Dall'Agnol ënnerstrach an hirem schrëftleche Rapport - geet an dësem Dossier net duer. En Appel muss effektiv och un d'Eltere gemaach ginn, fir dass se mam beschte Beispill virginn.

Wat den Étiquetage vun de Fläschchen ubelaangt, schéngt d'Europäesch Kommissioun jo schlussendlech dee Wee ze goen, par analogie zu den Zigarettepack, fir op d'Gefor hinzuweisen. An onser Fraktioun huet en distinguéierte Member an e ganz grousser Wäikenner gemengt, dass et am Fong net ubruecht wär, fir e rouden Doudekapp op esou Fläsche wéi Château Pétrusse oder Angélus ze molen, zumools wou dës e ganz himmleschen Numm droen.

(Interruption)

Ech iwwerloossen lech erauszefannen, wien dat gesot huet.

Den Ombudscomité fir d'Rechter vun de Kanner huet och a sengem Bericht op deen Alkoholkonsum bei de Kanner higewisen. Et misst een, éischter wéi Chambre-professionellen ze froen, an dësen Dossieren och vläicht Psychologen a Soziologen uspanen, fir eben d'Ursaachefuerschung ze preziséieren.

Et muss een och dee publicitaires Effort, dee gemaach gëtt, fir den Akaf ze stimuléieren, a Grenzen halen. Et muss een och an der Preventioun d'Industrie associéieren, well soss gëtt dat näscht. Esou eng Campagne ass elo an England am hallwen Oktober ugelaft mam Titel: „Know your limits“. Natierlech, et si vill Leit, déi hir Limiten net kennen am Drénken, an do misst een hinnen hëllefen.

Ofschléissend wëll ech hei der Madame Dall'Agnol villmools Merci soe fir hire gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport, an et ass selbstverständlech, dass ons Fraktioun dës Gesetzesvirlag stëmmt.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Merci, Här Krieps. D'Wuert huet nach eng Kéier d'Madame Claudia Dall'Agnol.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).**- Dir Häre Ministeren, Här President, Dir Dammen an Dir Härren, de 24. Oktober dëst Joer huet d'EU-Kommissioun matgedeelt, datt se sech eng Strategie gëtt fir d'Schied, déi duerch Alkohol entstinn, erofzesetzen. Als Zuelen nenne se 195.000 Mënschen, déi all Joer duerch d'Auswierkunge vum Alkohol ëm d'Liewe kommen.

Eng vun de Prioritéite vun der EU ass dann och bei dësem Thema de Schutz vu Kanner a Jugendlechen. Dat geet deemno dann och genau an déiselwecht Richtung wéi eise Projet de loi, dee mer de Mëtte wëlle stëmmen.

D'EU-Kommissioun wëllt och an Zukunft „best practices“ op dësem Gebitt, dat heescht, wéi een den Alkoholkonsum bei Mannerjähreger kann erofsetzen, austauschen.

A wa mer dann an e puer Joer vläicht de Bilan vun dem heitege Projet de loi zéien, da wäert och dat sécherlech fir d'EU e weideren Usazpunkt kënnen sinn.

Wa mer awer vun „best practices“ schwätzen, da soll een awer och hei e Beispill aus engem Net-EU-Land nennen, nämlech der Schwäiz, wou am Kanton Zürich d'Servicer fir Suchtberodung eng Broschür erausbruecht hu mam Titel: „Wenn Jugendliche Alkohol oder Zigaretten kaufen wollen: Was Sie tun können, wenn Sie im Service oder Verkauf arbeiten“.

Dës Broschür ass ganz am Sënn vum heitege Projet de loi, an de Minister kéint jo mat senge Servicer dës Iddi opgräife respektiv weiderginn.

Datt awer net nëmmen eleng de Konsum vun Alkohol eng Gefor duerstellt, mä och d'Suiten, déi hei drunhänken - ech denken elo zum Beispill un d'Autofueren ënnert dem Afloss vun ze vill Alkohol -, dat ass bekannt. Mä mir sollen eis awer och virun Aen halen, datt et verstärkt e Problem vu jonke Leit ass.

Jonk Leit also, déi een nach kann dozou erzéien, e responsabelen Émgang mam Alkohol ze fleggen an hiert Liewen net onnëtz op d'Spill ze setzen duerch Alkoholexzesser - „binge drinking“ ass et virdru genannt ginn - oder ebe mat ze vill Promill am Blut Auto ze fieren.

Datt Jugendlech selwer sech dëser Problematik bewosst sinn, sech dofir interesséieren a sech och mat hir ausenanersetzen, dat weist eng Premièresklass aus der Euro paschoul, déi zesumme mat hirer Professorin dëst Thema intensiv behandelen, an dat, hiren Aussoen no, och mat ganz vill Enthusiasmus.

Si sinn amgaang um Thema ze schaffen, mä si hu mer awer ufanks November schonns matgedeelt, datt, wann et hinnen nogaange wär - also deene Jonken aus dëser Klass -, dann de legalen Alter fir Alkohol ze kafen net op 16 Joer géif festgeluecht ginn, mä op 18. Och d'Publicitéit misst hirer Meenung no ageschränkt ginn a verstärkt och Informationscampagnen zum Sujet organiséiert ginn.

Mir gesinn also, datt déi jonk Leit sech dem Phenomeen Alkohol an och senge Folgen duerchaus bewosst sinn, an datt et dann och un der Politik ass ze handeln an deene Jonken et doduerch méi einfach ze maachen, un deene Prinzipien, déi si sech jo selwer ginn hunn, festzehalen: nämlech sou spéit wéi méiglech a Kontakt ze komme mat Héichprozentegem.

Wichtig ass awer och, wat déi Jonk vun den Erwuessenen a vun der Gesellschaft virgelieft kréien - ech mengen domadder ass jiddferree vun eis an der Responsabilitéit.

Dëst Joer gouf och eng Etüd am Optrag vun der EU-Kommissioun gemaach mam Titel „Alkohol in Europa“. D'Zuelen, déi een heiranner fënnt, sinn iwwerraschend, oder besser gesot erschreckend, deemno wéi een et wëllt gesinn.

An zwar hu bei alle 15- bis 16-jährege Schüler méi wéi 90% scho Kontakt mat Alkohol gehat, an den éischte Konsum fënnt am Duerchschnëtt mat 12 an en halleft Joer statt. Deen éischte Rausch mat duerchschnëttlech 14 Joer. A wann Der elo erschreckt sidd, da kënnst et nach e bësse schlimmer: Well d'Duerchschnëttsquanti-téit, déi bei den eenzelnen Dréinkoccasiounen ufält, läit bei net manner wéi 60 Gramm Alkohol a méi wéi ee vun aacht - also 13% vun deene 15- bis 16-Jähregen - war scho méi wéi 20-mol a sengem Liewe voll.

A wann och bei aneren Themen d'Gläichstellung vu Fra a Mann ze wënschen iwweg léisst: Hei sécher net; dat ass schonn ugeschnidde ginn.

D'Fraen hunn an enger Etüd vun 2003 ëmmerhin an zwee europäesche Länner schonns méi gedronk wéi d'Männer.

» **M. Robert Mehlen** (ADR).- D'Frae verdroe jo nëmmen hallef sou vill. Dat ass natierlech domm gelaf!

» **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Dat hutt Dir elo gesot, Här Mehlen!

(Interruptions)

Wa mer elo d'Folge vum Alkohol wëllen analyséieren, da fënnt een och dozou an der EU-Etüd Unhaltspunkten, déi erschrecken: 10% Stierffäll bei de Meedercher a 25% - also ëmmerhin all Véierten - vun de Jonge sinn op Alkohol zrëckzeféieren. 6% vun de 15- bis 16-jährege Schüler sinn a Streidereie verweckelt gewiescht, duerch den Alkohol, an ëmmerhi 4% soten och, datt se alkoholbedéngt ongeschützt Sexualverkéier haten - am Zäitalter vum Aids sinn dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëmmerhin 4% ze vill!

Erschreckend ass och eng Noriicht aus Däitschland, wou hire Gesondheitsminis-tère e Projet a verschiddene Kliniken huet, wou Mannerjähreger ageliwwert ginn, déi ze vill gedronk hu respektiv déi am Koma duerch - entschëllegt den Ausdrock! - de Soff leien.

Dëse Projet gouf Zuelen hier, déi soen, datt zënter 2003 eleng hir Mataarbechter mat 372 Jugendleche geschwat hunn, déi sech an de Koma gedronk haten, an - wéi ech scho bemierkt hunn - dat ass nëmmen an eenzelne Kliniken, dat ass net d'ganzt Land.

Déi meescht ware 15 bis 16 Joer al, mä gutt 24% waren nach méi jonk; dorënner ee Meedche mat engem Taux vun 2,4 Promill; d'Meedchen hat eelef Joer!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ënnert deenen elo just genannten Aspekter, wou mer dee Projet de loi 5543 hei solle gesinn. E soll ebe just keng Schikan fir Jonker, fir Butteker oder Caféen duerstellen, mä e soll schützen, d'Liewen an d'Gesondheet vun deene jonke Leit, an domat natierlech och vun der nächster Generatioun vun dësem Land.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech nach eng kéier Merci fir d'No-lauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Madame Dall'Agnol. Den Här Huss huet elo d'Wuert. Här Huss, wann ech gelift.

» **M. Jean Huss** (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Merci och der Rapportrice fir hiren Exposé, an direkt och den Accord natierlech vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Wann ech e wéineg kucken, wat meng Virriedner hei gesot hunn, dann ass vu ville schonn eng ganz Rei Saache gesot ginn, déi absolut richtig sinn. Ech wëlt och nach just kuerz op e puer Zuelen agoen, déi aktuell sinn. Dat sinn d'Zuele vun 2003.

Aus dem Bericht vun der Enquête, déi vum Ministère vun der Santé a vun der Éducation nationale et des Sports an Zesammenaarbecht mat der Uni Karlsruhe gemaach ginn ass, an nodeem all Joer an der Moyenne déi Kanner vu néng, 14 an 18 Joer, déi ënnersicht gi sinn, vun deenen ass gesot ginn, datt 46% vun de Jongen an 31,4% vun de Meedercher mindestens eng kéier an der Woch Alkohol consomméieren.

Bei 18 Joer kéint ee jo nach eventuell soen, okay. Mä bei néng a bei 14 Joer sinn dat awer Zuelen, déi trotzdeem eng Iddi beandrockend sinn!

Bei den Alcopops schéngt et 31,2% vun de Jongen an 33,5% vun de Meedercher gewiescht ze sinn am Joer 2003. Déi Zuelen, wat d'Vollsinn ubelaangt, soen, datt 34,3% vun de Jongen a 50% vun de Meedercher an deem Alter scho mindestens eng kéier voll gewiescht wären. Bon, vläicht gi se och e wéineg un.

Dat sinn also Zuelen, déi wierklech, wat Jugendlecher ubelaangt, relativ erschreckend sinn, an et muss een, natierlech och esou wéi bei deem Projet virdun, e wéineg kucken, wat d'Ursaachen dovun sinn.

Och hei muss Ursaachefuerschung gemaach ginn. Och hei muss d'Erwuessene-welt an eisen Ae sech de Spiegel virhalen a selbstkritesch kucken, wat dozou geféiert huet, datt dat bei deene Jonken esou ass, well dat hei ass jo nëmmen en Deelaspekt vun deem Problem.

Wa mer déi Zuelen hei elo hu wat den Alkoholkonsum vu Mannerjähregen ubelaangt, vun 9- oder 14-Jähregen an esou virun, dann ass dat jo net nëmmen den Alkohol. Et gi jo nach alleguerten déi aner Saachen, zu deene se och gräifen: Nämlech Zigaretten, zu deene se gräifen; Medikamenter, zu deene se gräifen; Berouegungsmëttel, zu deene se gräifen; Drogen, zu deene se gräifen.

Et ass also e Bild, wat net onbedéngt e schéint Bild ass, a wou ee sech als Erwuessene-welt muss Froe stellen iwwert eis Gesellschaft, och iwwert eis Erzéiung; wou ee sech muss d'Fro stellen: Wéi gi mer mat

deene Jonken ëm a wat fir eng Zukunftsaussichte liwwere mer hinnen?

Wann een iwwert d'Ursaache schwätzt, da mengen ech, dann huet d'Madame Frank der schonn e puer hei opgezielt, déi sécher richtig sinn.

Fréier - domat mengen ech virun 30 bis 40 Joer - war et esou, datt d'Famillje meeschtens aneschtters opgestallt waren, datt méi Autoritéit do war, datt se relativ méi fest nach gebonne ware wéi dat haut de Fall ass. Während mer haut éischter Familljen hunn, wou ganz vill Scheedungen do sinn an déi Familljen dofir dann heiansdo och dépasséiert si mat den Erzéiungsaufgaben. Dofir ass haut d'Situatioun aneschtters. Dat féiert natierlech dozou, datt méi eng schlecht Orientéierung vun de Kanner, wat d'Wäerter ubelaangt, insgesamt amgaangen ass ze passéieren.

Wat do derbäikënnt, ass nach eppes aneschtters, an dat ass dat, wat aus dëser Etüd ervirgeet, datt ass dat wat „mal de vivre“ genannt gëtt, den „mal de vivre“ vun de Jugendlechen, dee sech an all deene Saachen do ausdréckt, déi ech virdun opgezielt hunn, a wou et jo och Ursaache gëtt fir deen „mal de vivre“. Dat heescht engersäits eventuell dat schlecht Beispill vun den Eltere selwer, awer och déi Beispiller vum Drénken an eiser Gesellschaft, well mer musse jo, wa mer selbstkritesch sinn, soen, datt mer eng alkoholiséiert oder bal eng alkoholiséiert Gesellschaft sinn.

Et ass virdru gesot ginn, ob et elo de Béier oder de Wäin ass oder wat et och alles ass, den Alkohol spillt eng Roll, eng immens grouss Roll an dëser Gesellschaft. Et ass eng legal Drog, dat muss een esou soen, déi awer insgesamt akzeptéiert ass a wou et dann haaptsächlech dorëms geet, fir ze kucken, wa mer iwwert d'Erzéiung schwätzen, iwwert d'Opklärung, iwwert d'Broschüren oder iwwert d'Schoul an esou virun, da virun allem, mengen ech, e verantwortlechen Émgang domadder vläicht ze léieren. Dat heescht, datt déi Jonk léieren, wéi een domadder ëmgeet, wann et dann zum Alkoholkonsum kënnt.

An do ass natierlech och dat richtig, wat den Här Krieps hei gesot huet iwwert déi gesondheetlech Folgen, déi a monche Fäll, wann et wierklech zum Alkoholismus kënnt, gravéierend kënnen sinn, net nëmme gesondheetlech Folgen, mä och sozial Folgen, Folgen eventuell fir d'Aarbechtsplaz, fir de Studium an esou virun.

Duerfir mengen ech, datt vläicht, niewent deem, wat klasescherweis dann Opklärung an Informatioun iwwer Broschüre genannt gëtt, och en aneren Aspekt vill méi staark ënnerstrach gi misst, an dat wär dee vun enger anerer Jugendpolitik a virun allem vun enger besserer Jugendsozialaarbecht, déi misst gemaach ginn. Déi kéint zum Deel gemaach ginn iwwer Jugendzentren, do, wou der bestinn, mä et missten der och nach gebaut ginn, a wou ech mengen, dass do de Kontakt direkt wier mat deene Gruppe vu Jugendlechen, déi am meeschten och vun dëse Problematiken, sief et den Alkohol oder d'Fëmmen an esou virun, concernéiert sinn.

Natierlech spillt och de Verbuet, d'Repressioun eng gewësse Roll, oder de Präis spillt eng Roll. Et schéngt jo elo esou ze sinn, wéi wann déi Accisenerhéijung op den Alcopops awer zu engem relativen Abroch vum Konsum vun deenen Alcopops bei de Jonke gefouert hätt. An deem Sënn ass dat jo dann en deelweisen Erfolleg.

Et ass wahrscheinlech eng Zomm vu verschiddenen Initiativen, déi ee muss huelen, vun der Opklärung, mat e wéineg Répressioun a virun allem awer mat Jugendsozialaarbecht. Dann och dem Ubidde vun anere Wäerter, dem Versuch aner Wäerter ze vermëttelen, zum Beispill den Engagement. Jugendlecher ze encouragéieren zum Engagement, sief et am Sport, sief et an der Kultur, der Konscht, am Naturschutz, am Déiereschutz an esou virun. Ech mengen, et gëtt awer och an eiser Gesellschaft nach eng ganz Partie vu Wäerter, wou ee Jugendlecher kann a misst dofir begeeshteren. Do misst vläicht nach méi dofir gemaach ginn.

Insgesamt wëll ech awer soen: An enger Gesellschaft, wou den Alkohol déi Roll spillt, déi en an eiser Gesellschaft spillt, maachen ech mer trotz all deenen dote Mesuren net ze vill Illusiounen, datt mer de Problem geifen total an de Grëff kréien.

Et ass natierlech kloer, datt mer esou eng Mesure wéi déi do och kënnen problemlos ënnerstëtzen.

Merci.

» **M. le Président**.- Merci, Här Huss. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen** (ADR).- Merci, Här President. Wa mer vun Alkohol schwätzen, da schwätze mer vun enger legaler Drog, wéi elo grad gesot ginn ass. Am internationale Ranking steet den Alkohol, wat de Schued ubelaangt, deenen en urricht, un drëtter Plaz.

Dat erstaunt, dat géif een normalerweis net mengen. Mä, wann een awer d'Auswirkung vum Alkohol op d'Gesondheet vun deenen, déi den Alkohol mësbrauchten, op hiert Wuelbefannen, d'Auswirkungen op d'Familljen, déi ganz dacks, wann ee vun de Partner ofhängeg gëtt, auserneefueren a wou all déi aner drënner ze leiden hunn, d'Auswirkungen op d'Ekonomie, well einfach en Deel vun deenen, déi am Aarbechtsprozess stinn, ofhängeg sinn an dofir hirer Aufgab net esou nokommen, wéi dat normalerweis gewënscht ass, wann een dat alles zesummenhëlt, da brauch ee sech eigentlech net ze wonneren, datt den Alkohol esou wäit vir - un drëtter Stell - steet.

Wéi gesot, ech wëll elo hei net de grouss Spagat probéieren tëschen, wéi dat scho virdru probéiert ginn ass, engersäits der gesondheetsfördernder Wierkung vum Wäin, wann en dann a Moosse genoss gëtt, an op där anerer Säit der Stigmatiséierung vum Alkohol. Jiddferree weess wéi e soll responsabel domat ëmgoen. Dofir wäert ech, well meng Zäit limitéiert ass, dee Spagat net probéieren, well en ass net ëmmer ganz einfach auszuhalen.

Dat wat schlëmm ass, dat ass wierklech, datt mer gesinn, datt d'Jugend ëmmer méi vun deem Phenomeen beträff ass. D'Madame Frank huet dat richtig hei gesot. Ech héieren dat zum Beispill vun de Leit, déi bei der Protection civile fräiwëlleg hir Aarbecht maachen, wéi dacks datt déi müssen erausrécken der dann an d'Klinike féieren, well et wierklech guer net méi geet, well se sech esou ewechgesoff hunn, datt hiert Liewen souguer deelweis a Gefor ass. Dann Zoustänn heiansdo op Baler, och wann ee mat Membere vun der Police schwätzt, déi engem Zoustandsbeschreiwungen do ginn, déi ee bal net géing fir méiglech halen.

Dofir stellt d'Fro sech: De Verbuet, an dësem Fall am Commerce, ass dat de Wee?

Selbstverständlech ënnerstëtze mir dat. Selbstverständlech wäerte mir dëse Projet och mat stëmmen, mä, an do beruffen ech mech op d'Ausso vun engem Member vun der Police grand-ducale, dee gesot huet: Wa mir net d'Méiglechkeet kréien, op deene Plazen an deenejeinegen, déi den Alkohol konsuméieren, emol e bësse méi op d'Fanger ze kucken, da komme mer hei wahrscheinlech net ganz wäit virun.

(**M. Lucien Wceiler reprend la Présidence**)

An do hunn ech un een anere geduecht, dee mer zwee, dräi Joer virdru gesot hat, wou ech him d'Fro gestallt hunn: Ma, gitt Dir dann net emol eran an Dir kontrolléiert do emol e bëssen, wat dobanne lass ass? Dee sot: Stellt Dir lech vir, datt mir als Lëtzebuerger - ech mengen deemools war et nach d'Gendarmerie, et sinn elo e puer Joer hier -, datt mir do géingen eragoen an do ufanken d'Identitéitskaarten ze kontrolléieren? Kënnt Dir lech virstellen, wat do lass wär?!

Här President, dunn hunn ech mer d'Fro gestallt: Wann ech - ech wunne méi no un der däitscher Grenz - bei eis däitsch Noperen eriwierkucken oder ech kucken eriwier bei eis franséisch Noperen, wär do bei engem Member vun den Uerdnungskräfte esou eng Ausso méiglech? Hu mir net och als Politiker, als déi, déi leschtenenns fir d'Führung vum Land verantwortlech sinn, an domadder och déi, déi d'Incitatioun un d'Uerdnungskräfte ginn, schonn ofgedankt an eiser Verantwortung do? A misste mer net och, wa mer scho soen, een, dee méi jonk ass wéi 16 Joer, däréif keen Alkohol ze kafe kréien, a mir stellen dat ënner Strof, dann awer konsequent an deem Punkt do méi wäit goen?

Natierlech, an do sinn ech mat jiddferengem d'accord, dee virdun hei geschwat huet, muss mer eis Froe stellen iwwert d'Ursaachen, d'Ursaachen, déi an eiser Gesellschaft leien. Wann een elo e bëssen zynesch wär, da géif ee soen: Mir liewen an enger ellener Welt a si ass net anescht ze erdroen. Mä dat wär och schonn erëm Ka-

pitulatioun. Tatsaach ass, datt viles an eise Famillje läit.

Do muss ech awer soen - an ech géif menger Roll hei an der Opposition net gerecht ginn -: Wa mer eng Familljeministesch hunn, déi seet, mir mussen nach méi Fraen un d'Schaffe kréien - ech hunn näischt dergéint, a mir soe ganz kloer, datt all Fraen hire fräie Choix sollen treffen, och all Männer an de Familljen, wéi se hir Liewensgestaltung wëllen organiséieren -, mä wann ech dann, an dat sinn nach keng dräi Wochen hier, de Robert Goebbels op RTL héieren, dee seet: Dat war déi Zäit, do sinn d'Fraen nach doheem bliwwen, wann d'Kanner op d'Welt komm sinn, fir sech ëm se ze këmmere, wat e grouse Feeler war; da muss ech awer soen: Hu mer d'Welt net total hei op de Kapp gestallt?

Ech mengen, jiddferee soll fräi decidéiere wat e mécht, mä wa mer déi Fraen, déi Familljen ewell stigmatiséieren, déi sech Zäit huelen, déi sech esou organiséieren, fir sech méi ëm hir Kanner ze këmmere, an dat ass menger Meenung no hei de wichtigste Punkt an deem ganzen Débat, well wann d'Kanner gutt entouréiert sinn, wa se gutt Beispiller hunn, dann ass d'Gefor, dass se esou wäit ofrutschen, vill méi kleng. Ech wëll net soen, datt se zu 100% gebannt ass, mä si ass op jidde Fall vill méi kleng.

An dann nach eppes!

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Wann een eng Fro wëllt un den Här Mehlen stellen, da soll e se haart stellen. Fir de Rescht lauschtere mer him no.

(Interruptions diverses)

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Ech riede mech e bëssen an den Äifer, ech huele mech dann zréck.

Mir sinn alleguer gefuerdert och Virbild dobaussen ze sinn, a mir sinn net ëmmer déi richteg Virbiller, dat ass virdrun och schonn hei gesot ginn, an dat féiert bis an d'Schoul. Ech géif hei och menger Roll net gerecht, wann ech géif mam Fanger op eng Schoul, déi ech relativ gutt kennen, déi an enger Willibrordus-Wallfahrtsstad ugesiedelt ass, weisen...

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här Mehlen, d'Zäiten hu geännert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här Scheuer, ech weess, Gott sei Dank hu se geännert! Mä et ass jorelaang roueg nogekuckt ginn, datt dee Mann, deen déi iewescht Führungsqualitéit hat, moies um 9 Auer schonn héich alkoholiséiert op senger Plaz war. Mä ech soen hei, wat d'Proffen...

(Interruption et hilarité)

Ech soen hei, wat d'Léierkräfte mir selwer gesot hunn.

(Interruptions diverses)

Elteren, déi sech beklot hunn,...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

...skandaliséiert ware wéinst deenen Zoustänn, da braucht Dir lech net ze wonneren!

Här Scheuer,...

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här Präsident, jiddferee kuckt op mech!

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här Scheuer, Dir wësst et - Dir hutt guer näischt domat ze dinn -, datt do eng Kéier sechs Ambulanz Schéiler fortgefouert hunn; se louchen an der Klinik niewenteneen um Buedem, well se total voll waren - total!

Gott sei Dank hunn déi Zäite geännert, mä et ass laang, laang, laang nogekuckt ginn, a mengen Informatiounen no, déi awer och vum Corps enseignant kommen, ass och haut de Problem an där Bezéiung nach net ganz geléist.

Mir mussen och als Politiker - an domadder schlëssen ech of a brénger Selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun -, mir mussen och als Politiker do, wou et wéideet,...

» **M. le Président.** - Här Mehlen!

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - ...eis Verantwortung iwwerhuelen an och duerchgräifen.

Nach eng Kéier, Här President, mir wäerten de Projet selbstverständlech stëmmen, mä mir sinn net sécher, ob dat do alles klappt.

» **M. le Président.** - Dat musse mer da gesinn. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Der Rapportrice awer Félicitatiounen fir hire Rapport. Den Här Mehlen huet hei gesot, si wäeren net déi richteg Virbiller, do kann ech him nëmme Recht ginn.

(Interruptions diverses et hilarité)

Här President,...

» **Une voix.** - Kënnt Der méi prezis ginn?

» **Une autre voix.** - Eis gutt Kannerstuff verbitt eis, dat ze kommentéieren.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Här Jaerling, kommt elo zum Sujet!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Här President, ech kann hei nëmme soen, aus menger Siicht: Also een, deen net gedronk huet, dee kann dee Projet hei net verstoen, well fréier,...

(Hilarité)

...wéi mer nach schwéier geschafft hunn, kann ech lech soen, do ware mer gëeicht bis 8%.

(Hilarité)

Haut ass déi geeschteg Aarbecht méi am Vierdergrond, an et ass och do, wou den Alkohol am léifsten zouschléit: uewen am Kapp.

(Hilarité)

Mä ech kann awer dem Här Huss nëmme Recht ginn: Den Alkohol, dat ass eng Drog, an den Alkohol ass eng haart Drog, well wann en zouschléit, dann hutt Dir eng voll am Gesiicht.

(Hilarité)

Mä dat, wat elo hei zur Diskussioun steet - elo Spaass bei Sait -, dat reit sech am Fong a mat deem Projet vu virdrun. Dat heescht nämlech d'Ursachen, firwat dass mer déi Strukture wéi virdru musse schafen, déi leien och an deem Problem hei dran, nämlech am Alkohol, well et eben eng Drog ass, an et ass och einfach effektiv awer eng Geschicht vun enger anerer Aart a Weis Erzéiung an och eng Geschicht dovunner, dass effektiv och d'Kanner sech méi eleng iwwerlooss ginn.

Dat soll een awer net aus där Diskussioun hei erausloossen. Dat ass e Fait, an doriwwer muss een awer och eng Kéier nodenken.

Ob awer elo de Wee iwwert d'Repressioun dee richtigen ass, dat ass eng Fro! Ech stelle mer nämlech d'Fro, ob mer elo mat deem Gesetz, wat mer hei stëmmen, fir dass elo Kanner keen Alkohol méi ze kafe kréien, ob dann och manner gedronk gëtt. Oder, wann den Alkohol méi deier gëtt, ob se da kee méi drénken, oder ob se aner Mëschunge fannen, déi gradesou schlëmm sinn a vläicht méi schlëmm sinn.

An och d'Alkoholindustrie wëllt sech jo déi Clienten do, déi schwaach Clienten an déi liicht beaflossbar Clienten, déi wëlle sech déi jo awer och net huele loossen, an déi wäerte schonn erëm à charge goen, fir aner Saachen ze fannen, fir déi Jonk ze lackelen.

Wat fir mech an dëser Diskussioun wichtig ass, a wat mer elo awer schonn an deene leschte Méint erlieft hunn, dat ass den Dialog mat deene Jonken. Mir hu jo gesinn, dass déi Jonk Problemer hunn. Mir hu gesinn, dass se elo ufänken esou lues, all Kéiers, wa se e Problem gesi fir hir Zukunft, op d'Strooss ze goen.

An hei maache mer erëm esou e Projet wéi de 5611 zum Beispill, dee gemaach ginn ass, ouni mat deene Jonken ze diskutéieren. Dat hei ass och e Problem, iwwert deen ee mat de Jonken am Virfeld hätt misse diskutéieren.

An ech géif souguer dem Här Minister rodene, deeselwechte Wee ze goe wéi den Aarbechtsminister, an den Dialog och hei an där Saach mat deene Jonken ze sichen, fir ze kucken, fir se ze iwwerzeegen dovun - fir se ze iwwerzeegen dovun! -, dass den Alkohol e Problem ass; fir se ze iwwerzeegen dovun, dass se selwer kucken, dovunner ewechzekommen. Well déi Jonk, déi si verantwortungsbewusst, gradesou gutt wéi et anerer waren.

Et ass just eben haut en anert Gesellschaftsbild, wat do ass, an et sinn och aner Versuchungen, déi do sinn. Ech mengen, doriwwer komme mer och nach op ganz aner Saache spéider, wann et iwwert d'Gewalt an de Schoule geet an d'Gewalt an der Gesellschaft iwwerhaupt. Dat hänkt net ëmmer och nëmme um Alkohol, dat hänkt och un deene Saachen, déi déi Jonk ugebuede kréien um Videomaat, wou och Problemer hierkommen.

Duerch de Projet hei sollen déi Jonk keen Alkohol méi ze kafe kréien. Do stellen ech mer awer d'Situatioun an engem Supermarché vir. Wat mécht déi Caissière dann? Mécht déi dann elo bei all Client, deen do kënnt, eng Identitéitskontroll, wa se vläicht nëmme de Verdacht huet, dass se...

(Interruption)

Bon, bei mir gesäit ee jo, dass ech muss drénken, mä ech mengen, et sinn der jo awer och, déi net...

» **Une voix.** - Oh!

(Interruption)

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Jo, et gëtt Situatiounen, déi sinn nëmme mat Alkohol ze erdroen. An ech mengen, meng ass jo elo guer net esou einfach, gell?

(Interruptions)

Mä, ech wëll awer soen, dass déi Diskussioun iwwert d'Kontrollen awer ze féieren ass. Wéi kënne mer dat kontrolléieren? Wat mécht eng Caissière an engem Supermarché an esou engem Fall, wann déi zwee-, dräihonnert Clienten do hannendrun huet, wou een deen aneren duerch d'Keess scho praktesch wëll drénken?

A wien, wann dann e Jonken Alkohol verkaaft kritt, ass da verantwortlech? Dat ass d'Fro! Ass et déi Caissière, déi dann dem Jonken den Alkohol gëtt, oder ass et de Patron vun deem Supermarché? Dat ass eng Fro, déi vläicht beäntwert a gekläert misst ginn.

Eventuell missten och derbäi Richtlinnen awer och un d'Supermarchéen an un déi grouss Chainé goen, wou jo awer och d'Gefor ass, dass net nëmme den Alkohol duerch d'Keess mat erausgeet, mä och op anere Weeër. Do muss een dann awer kucken, dass een och mat deene Supermarchéë kuckt, fir iergendwéi Verhalensregelen ze kréien, fir dass eben déi Jonk keen Alkohol kréien, mä et wäert net einfach sinn, fir dat do ze kontrolléieren.

Mä et ass op jidde Fall e gudder Projet. Ech mengen, en hëlleft zumindest e bëssen ze verhënneren, dass Alkohol verkaaft gëtt, mä e ka leider net verhënneren, dass Alkohol gedronk gëtt, an e kann och leider net verhënneren, dass d'Alkoholindustrie ëmmer erëm nei Produiten op de Maart bréngt, déi sech da laanscht déi Bestëmmungen do wäerte kënnen drénken.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung. Den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll just direkt soen, dass mer déi Wënsch, fir am Virfeld vun dësem Gesetz mat jonke Leit ze diskutéieren, ganz eescht geholl hunn, an dass mer dat och gemaach hunn. Do uewen op der Tribün setzen eng ganz Rei vu jonke Mënschen, déi sech vläicht iwwert déi eng oder aner Ausso, déi de Mëtteg gemaach ginn ass, gewonnert hunn. Déi hunn och eng ganz intensiv Diskussioun mat eis gefouert iwwert de Sënn vun dësem Gesetz an déi sinn héchstens der Meenung, dass dat hei ee Bausteen ass, op deen een awer nach anerer folge muss loossen.

Well dat ass et nämlech: Et ass kee Gesetz, vun deem ee sech därff Wonner erwaarden, mä et huet awer de Virdeel, dass kloer Messagen erauskomme vis-à-vis vun deenen Erwuessenen, déi bis elo, ouni sech grouss Suergen ze maachen, Alkohol an Alkoholsprodukter u Kanner a Jugendlecher verkaaft hunn.

An et huet och de Verdéngscht, dass déi jonk Leit zumindest wëssen, dass se eppes maachen, wat net nëmme verbueden ass, mä wat ganz grave Konsequenze fir hir Gesondheet kann hunn, well mer wëssen, dass dee jonken Organismus vill méi ufällig ass fir d'Dépendance vu Suchtmëttelen wéi erwuesse Kierperen, déi - esou wéi dat virdru gesot ginn ass - gëeicht sinn. Ech zweifelen allerdéngs drun, dass esou e komplexen Organismus wéi e mënschleche Kierper iwwerhaupt eng Kéier géint esou Substanze ka gëeicht sinn. Et brauch ee

just d'Carte sanitaire ze kucken, da gesäit een, wat fir eng Phenomeener dass op Suchtmëttelen zréckzeféiere sinn, an awéiwäit dass Suchtmëttelen eis Gesondheetssystemer belaaschten an och d'öffentlech Gesondheet belaaschten.

Dat hei ass e Projet, deen eigentlech op eng gutt Viraarbecht konnt opbauen. Well de Centre de prévention des toxicomanies huet an den 90er Joren an herno am Ufank vun de Joren 2000 an 2001 eng ganz interessant Enquête gemaach iwwert d'Drénkgewunnechte bei deene Jonken. Déi ass ganz opschlössräich a bestätegt, wat an där leschter Stonn hei gesot ginn ass, dass eng Tendenz do ass, fir ëmmer méi jonk mam Drénken unzufänken, an och ganz exzessiv ze drénken, wat bis zum Kampfdränke geet; wat virdrun e puermol évoquéiert ginn ass.

Vis-à-vis vun där Situatioun, mengen ech, dass et richteg ass, dass déi Erwuessen éischters eng Beispillfunktioun erfëllen, an dass se och Kloertext musse schwätzen, wat Alkohol a soss Suchtmëttelen kënne bedeuten. Mir mussen eis domat ausenanersetzen, dass mer eise Kanner an och eis selwer keen Déngscht leeschten, wa mer de Konsequenze vum Abus vun Alkohol - an ech ënnersträichen „den Abus vun Alkohol“ - bagatelliséieren an esou maachen, wéi wann dat kee Problem wär.

Den Abus vun Alkohol ass ee vun deene grouse Problemer fir d'öffentlech Gesondheet. Den Alkohol mécht méi futti, wéi eng ganz Rei vun anere Saachen, déi ëmmer thematiséiert ginn, wou jiddfereen drop spréngt. Den Alkohol mécht zéngmol esou vill futti wéi de Stroosseverkéier; méi nach. Dofir muss ee sech hei eng Positioun ginn, déi eng daitlech a kohärent ass.

Et kann een, wann een iwwert den Alkohol schwätzt, net d'Geess an de Kabes schützen. Dat geet net. Et kann ee selbstverständlech soen, dass, wann ee mat Mooss un den Alkohol erugeet, dat keng gréisser Problemer duerstellt, mä et därff een awer wann ech gelift wann et ëm den Abus geet net mat zweeërlee Mënnen schwätzen, an et därff een net esou maachen, wéi wann dat eent, well et een arrangéiert, e klenge Bobbo wär, an dat anert, wat een do méi fräi ka rieden, op eemol en dramatesche Problem.

Ech soen dat ganz kloer, esou wéi et ass: Den Abus vun Alkohol kascht méi Affer wéi den Abus vun illegalen Drogen; wat awer keen Argument ass fir illegal Drogen, mä wat just en Argument derfir ass, dass mer eis Attitüd vis-à-vis vu legalen an illegalen Droge solle méi konsequent maachen an déiselwecht Messagen erausginn. Kloer Messagen, wou ee vis-à-vis vun deenen, déi dovun betraff sinn, soll eng kloer Sprooch schwätzen.

Ech mengen, dass mer hei an engem Gebitt sinn, wou mer haut ufänken, wou ee mat rouegem Kapp kann d'Diskussioun féieren. Well wann een d'Alkoholproblematik ugeet, da soll een net mat der Dampfvalz driwwerfueren, wou ee sech da jiddferee luet, och deen, dee geleeëntlech e Patt Béier drénkt, mä et soll ee kucken, wou et am meeschte wéideet: an dat ass bei der Jugend, dat ass am Stroosseverkéier, dat ass bei schwangere Fraen, dat ass op der Aarbecht. Do gëtt et e Konsens, dass den Alkohol do näischt verluer huet. Da solle mer eis dorop konzentréieren, a mer sollen en Débat dorop opbauen. Da kënne mer opgrond vun deenen Iwwerleeungen, déi mer do maachen, och mat enger konsequenter Haltung vis-à-vis vun deenen ëmgoen, déi mengen, et kéint een d'Leit berieselee mat Publicitéitsmessagen, déi net richteg sinn.

Ech hu selbstverständlech Versteesdemech derfir, wat d'Marie-Josée Frank seet, wat d'Ennerstëtzung vum Centre de prévention des drogues et toxicomanies ugeet. Ech wëll awer soen, dass déi lescht Regierung an dës Regierung den CPT ganz staark ennerstëtzt hunn. Ech ka mech erënnere, eis Gemeng war Member vun deem Gemengeprojet, fir den CPT ze ennerstëtzen. An ech hoffen, dass d'Madame Frank mat hirer Gemeng net nëmme kleng Projekte mécht, mä sech och dann engagéiert an deem Gemengeprojet CPT. Dir hutt jo d'Chance eng relativ räich Gemeng ze sinn, da kënnt Der dat maachen, wat aner méi aarm Gemengen am Virfeld och gemaach hunn: Wat mer zu méi sinn, wat mer eng méi effikass Politik an deem dote Beräich kënne maachen.

Ech wëll deene meeschte vun den Intervenanté vun de Mëten en häerzleche Merci soen iwwert d'Approche, déi se zu dësem Thema haten. De Projet reit sech an déiselwecht Rei an, wéi beim Tubak. Och do ass gesot ginn, dass zwar net den Tubakskonsum verbueden ass, mä dass de Verkaf u Kanner a Jugendlecher verbueden ass. Dat

misst eigentlech jiddferengem aliichten. An engem, deem dat net alicht, ech mengen, do muss ee mat deem noutwendegen No-drock hëllefen, fir dann zur Konklusioun ze kommen.

E reit sech och an d'Bestriewungen an, vun dëser Regierung, fir méi realistesch mam Phenomeen Alkohol ëmzegoen. Et ass vir-drun drun erënnert ginn, dass mer iwwer eng Surtaxatioun dat Gedréinks, dat wéi Li-monad schmaacht an awer e relativ staarken Alkoholgehalt huet, d'Alcopops, quasi aus dem Lëtzebuerger Handel verschwanne gelooss hunn.

Eng weider Diskussioun fënnt jo elo statt iwwert den Taux d'alcoolémie am Stroosse-verkéier. An ech mengen, dass mer e bësse méi gläwierdeg kléngen, wa mer déi doten Diskussioun mat Konsequenz féieren, an dozou bäidroen, dass déi jonk Leit, déi mat deem dote Phenomeen ëmmer méi konfrontéiert ginn, mat kloere Messagë konfrontéiert ginn. Ech mengen, mir sinn hinnen dat schëlleg. Hei ass eben ee Bausteen an déi dote Richtung.

Ech soen Iech en häerzleche Merci.

(Interruption)

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Här Mehlen?

»»» **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Här President, ech wollt den Här Minister just froen: Et ass jo nëmmen een Artikel, dee seet, dat an dat an dat ass verbueden. Wa mer dat hei gestëmmt hunn an d'Gesetz ass a Kraaft, dann ass déi legal Situatioun an deem Sënn geännert an erweidert.

Wat sinn déi praktesch Konsequenzen dovun, ganz besonnesch an deene Situatiounen, déi och hei déploréiert si gi vu Kollee-gen? Dat heescht, op Baler, wou manifestement Jonker, déi méi jonk si wéi 16 Joer, dann Alkohol, ob se es kafen oder et ass jo och verbueden à titre gratuit es unzehuelen, es ze offréieren an esou weider: Hu mer de Courage, fir dann déi Kontrollen ze maachen an do durchzegräifen, wou muss durchgegraff ginn?

»»» **M. le Président**.- Här Minister!

»»» **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech kann Iech just soen, wat fir eng Rechtslag doduerch entsteet. Wann een an där doter Situatioun u Kanner Alkohol verkeeft, dann ass hie strafbar, da muss hien, wann eppes passéiert am Zesummenhang mat deem Verkaf, domat rechnen, dass en dofir responsabel gemaach gëtt.

Ech sinn net zoustänneg fir de Beräich vun de Kontrollen, ech muss Iech awer soen, dass bei all deene Gesetzzer, déi mer an der Lescht geholl hunn - inklusiv och d'Tubaksgesetz -, mer am Accord mat deem zoustännegen Minister a mat deenen zoustännegen Corpse bereet sinn, fir déi dote Kontrollen ze maachen. Wéi wäit dass dat dote geet, dat ass mat de Corpsen a mat deenen zoustännegen Kollee-gen ze diskutéieren. Mä d'Rechtslag ass awer ganz kloer.

Et soll ee sech et also dräimol iwwerleeën, wann een Alkohol bei alle méigleche Geleeënheeten u jonk Leit, ganz jonk Leit zum Deel, verkeeft. Ech mengen, dat ass kuerz-siichteg, wann een do just no der Veräinskeess kuckt. Et muss een och kucken, wat een domat kann ausléisen.

Merci.

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5543 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Ro-

main Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zu dem Projet de loi 5592 portant approbation de la Convention de l'UNESCO sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles. D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Martine Stein-Mergen,...

(Interruption)

...déi ersat gëtt duerch den honorabelen Här Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.



3. 5592 - Projet de loi portant approbation de la Convention de l'UNESCO sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles, faite à Paris, le 9 décembre 2005

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

»»» **M. Marcel Oberweis** (*CSV*), *remplaçant Mme Martine Stein-Mergen (CSV), rapportrice*.- Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretärin, erlaabt mer de Projet de loi, d'«Convention de l'UNESCO sur la protec-tion et la promotion de la diversité des ex-pressions culturelles» virzestellen. De Pro-jet ass bal virun engem Joer den 9. Dezem-ber 2005 zu Paräis ënnerzeechent ginn. Leider kann d'Madame Martine Stein-Mer-gen, d'Rapportrice, haut de Mëtten net derbäi sinn. Dir musst also net mat hirem Charme, mä mat menger Einfachheet vir-léifhuelen.

(Hilarité)

Ech hoffen, Dir kommt duerch de Bësch.

Här President, de 27. Juni ass de Projet de loi hei an der Chamber vun dem Här Aus-seminister déposéiert ginn, an de Statsrot huet säin Avis de 26. September erage-reecht. Déi zoustänneg Chamberskommis-sioun huet sech an hirer Sitzung vum 25. Oktober mat dem Gesetzestext an och mat dem Avis vum Statsrot beschäftegt. De Rapport ass den 21. November ugehall ginn.

De Projet schéngt op den éischte Bléck eng weider Konventioun ze sinn, mä wann ee méi genee hikuckt, dann entdeckt een awer, dass dës Konventioun eng extra Be-deitung kritt. Mir ginn eis heimadder e wich-tegt Instrument fir d'Protektioun an d'Pro-motioun vun der Diversitéit vun de kulturel-len Expressiounen. Dës Konventioun er-kennt de Staten hiert souveränt Recht un, fir eng eegestänneg Kulturpolitik ze gestal-ten. An der Konventioun ass explizit festge-hale ginn, dass all Land déi néideg Mooss-namen ergräife kann, fir seng Diversitéit vun de kulturellen Expressiounen ze prote-géieren an awer och virunzedreiwen. D'Länner sinn och opgeruff ginn, de Public anzespanen an dëse Prozess an en dofir ze animéieren.

Et ass vun Interessi drop hinzewiesen, dass d'Konventioun awer eréischt dräi Méint duerno a Kraaft triede kann, nodeem 30 Staten se ratifizéiert hunn. Zwee Joer vu laange Verhandlungse si gebraucht ginn, fir se iwwerhaupt auszeschaffen. Lëtzebuerg war während senger EU-Présidence ganz staark an dee Prozess mat agebonnen. D'Konventioun berout op Iddien, déi schonn an der Déclaration universelle vun der UNESCO iwwert déi kulturell Diversitéit aus dem Joer 2001 ageschriwwwe goufen. Do ass festgehale ginn, dass déi kulturell Villfalt als e Patrimoine commun vun der Mënschheet muss ugesi ginn.

Doriwwer eraus ass hir Verdeedegung vum ethesche Standpunkt absolut noutwendeg an ontrennbar mam Respekt vun der Digni-téit vum Mënsch verbonnen. Dës Gedanke sollen nach eng kéier an där virleiender Konventioun ervirgestrach ginn.

Fir dass dës Konventioun awer hir Friichten droe kann, ass et wichteg, dass vill Länner dës Konventioun ënnerschreiwen. Leider hu bis den 20. November dëst Joer eréischt 18 Länner dat gemaach. D'Lëtzebuerger Land huet duerch seng Villsproochegkeet an duerch déi vill Kulturen, déi mir hei am Land versammelen, quasi eng natierlech Vokatioun, fir dës Konventioun ze ratifizéie-ren. Mir hu jo schonn deen éischte Wee beschratt, andeem mer virun zwee Joer den Institut Pierre Werner geschaf hunn, deem säin Zil et ass, eng kéier am Joer e «Forum européen de la Culture» ze organi-séieren.

D'Konventioun enthält nieft de Kompetenze vun den eenzelne Staten och Elementer, déi an de Kompetenzberäich vun der Euro-päescher Unioun falen. Dat bréngt natier-lech mat sech, dass och si dës Konven-tioun ratifizéiere muss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Konventioun ass en neit juristescht Ins-trument, dat eben déi Effortë vun der UNESCO fir d'kulturell Diversitéit ënner-sträiche soll. Et gëtt schonn zënter ville Jo-ren eng ganz Rei vun esou Instrumenter, déi all datselwecht Zil virun Aen hunn. Et gëtt awer hei kloer ënnerstrach, wéi wich-teg et ass, dass ee sech opmécht, fir déi verschidden Ausdrocksméiglechkeete vun der Kultur op dëser Welt ze propagéieren, a wou der vill vun hinnen amgaange sinn duerch d'Globaliséierung ze verschwan-nen. An deem Kontext sinn och all Aktivitéi-ten a Servicer eng Ausdrocksweis fir ons kulturell Identitéit.

D'Konventioun déngt also als eng Platt-form, fir eng innovativ Kooperatioun am Beräich vun der Kultur op internationalem Plang opzebauen. Duerch si gëtt den inter-nationale Kader geschaf, fir d'Erausfuerde-rungen, déi sech der kultureller Diversitéit an der Zukunft stellen, an dat sinn der jo bestëmmt net weéneg, zesumme mat de wichtege politeschen Décideuren ze disku-téieren.

D'Konventioun wëllt dofir Strukturen an Or-ganisatioune schafen, fir datt eben eng Dy-namik entstoe kann, duerch déi déi uleiend Problemer, déi verschidde Länner am Beräich vun hirer Kultur kennen an hunn, besser ze léise sinn. Si gëtt eis also en Ins-trument och fir d'Kooperatioun mat den Entwécklungslänner, well déi jo och elo mëttlerweil duerch de Globaliséierungspro-zess méi no an dee ganzen Iwwerleeungs-prozess erakommen.

Doduerch, dass tëschent den eenzelne Völker mat hire Kulturen e Kader vun Tole-ranz, sozialer Gerechtegkeet a géige-säitegem Respekt geschafe gëtt, ass dës Konventioun indispensabel fir de Fridden an dëser Welt, an dat op lokalem, op regio-nalem, nationalem an och op globalem Plang.

Wéi scho gesot gehéiert déi kulturell Villfalt hei zu Lëtzebuerg zum Alldag. Mir erliewen dat jo, wa Mënsche vun iwwer 120 Länner sech beieneesetzen, zesumme schaffen a liewen, zesummen an d'Schoul ginn an och Sport bedreiwen. Mir Lëtzebuerger kënnen dofir quasiment e Virbild si fir anerer. Si brauchen ons nëmmen ze kopéieren, da gi se och méi oder weéneger doheem eens.

Souwuel de Statsrot wéi och mir als Kom-missioun hunn d'Wichtegkeet vun dësem ganze Projet de loi unerkannt a mir bieten Iech dann och, dat heescht d'Martine Stein-Mergen, d'Rapportrice, a meng Weéneg-keet, dësen dann hei unzehuelen.

Ech bréngen domat och den Accord vu menger Fraktioun eran a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

»»» **Une voix**.- Très bien.

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Ober-weis. Wie freet nach d'Wuert?

D'Madame Flesch. Den Här Fayot.

Discussion générale

»»» **Mme Colette Flesch** (*DP*).- Här Pre-sident, léif Kollee-gen, ech wëll fir d'éischt der Madame Martine Stein Merci soen an hirer Eegeschaft als Rapportrice an dem Här Marcel Oberweis, dee jo elo hei de mëndleche Rapport virbruecht huet.

Déi Konventioun vun der UNESCO huet eng ganz laang Virgeschicht, wéi gesot ginn ass. Eng Virgeschicht, déi sech of-gewéckelt huet um Hannergrond vun der Oppositioun tëschent de Vereenegte Staten engersäits, an der EU a ganz besonnesch Frankräich a Kanada op där anerer Säit. Den Hannergrond war natierlech d'Poli-tique audiovisuelle.

Mir wëssen alleguerten, dass den Export vu Filmer den zweeten Export vun Amerika ass, an dass d'europäesch Filmindustrie sech ëmmer erëm driwwer beklot, dass se géint déi Muecht vun der amerikanescher Filmindustrie Schwieregkeeten huet sech ze verdeedegen, an dass an de Gespräi-cher an der OMC ëmmer erëm vun euro-päescher Säit speziell Regele gefrot gi si fir d'Kulturgidder an d'Kulturdéngschtleesch-tungen.

Et ass also an deem Zesummenhang, dass déi ëmstridde Geschicht vun där Konven-tioun ze gesinn ass. An et ass schonn esou wéi de Rapporteur, den Här Oberweis, et gesot huet oder wéi d'Madame Stein an hi-rem Rapport geschriwwen huet, dass d'EU sech staark engagéiert huet, dass en Deel vun deem Engagement sech ofgespillt huet, e kriteschen Deel, am Moment vun der Lëtzebuerger Presidentschaft, an dass d'Lëtzebuerger Presidentschaft also och staark intervenéiert ass am Intérêt vun dë-ser Konventioun, déi da schlussendlech zustane komm ass.

Et huet mech frappéiert, dass am Exposé des motifs an och am Rapport am Fong zu där doter Säit vun der Problematik nëmme ganz, ganz diskret Referenz gemaach ginn ass. Et gëtt zum Beispill am Rapport gesot, an dat ass e Saz, dee bal wuertwiertlech aus dem Exposé des motifs iwwerholl ginn ass: «Ainsi, dès qu'elle» - dat ass also d'Konventioun - «entrera en vigueur, elle pourra servir d'instrument de référence pour les États dans leurs efforts de mainte-nir et de développer leurs secteurs cultu-rels, que ce soit au niveau de l'Organisation Mondiale du Commerce (OMC) ou au ni-veau de négociations bilatérales ou plurila-térales.»

Ech wollt d'Statssekretärin froen, si soll ons soen, wat d'Lëtzebuerger Regierung sech vun där Konventioun erwaart um Plang vun der OMC an um Plang vun den Diskussioun-en, déi do lafen, notament am Zesum-menhang mam Secteur audiovisuel.

Dat gesot, Här President, wëll ech den Ac-cord vun onser Fraktioun zu dëser Konven-tioun bréngen.

»»» **M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. Den Här Fayot ass als nächste Riedner agedroen. Här Fayot!

»»» **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Här President, et ass eng Konventioun - duerfir entschëlle-gen ech mech bal fir hei d'Wuert ze ergräi-fen -, mä et ass awer keng kleng Saach, esou wéi d'UNESCO jo eigentlech och keng kleng Saach ass. Et ass eng Weltor-ganisatioun, déi an enger Zäit vu Globalisa-tioun och eng wichteg Roll vu Régulatioun um Weltniveau spillt. Et ass eng Organisa-tioun, déi net nëmme Programmer, Kon-gresser, Konferenzen oder Seminären orga-niséiert, mä et ass eng Organisatioun, déi och normativ contraignant Instrumenter vun de Memberlänner kann unhuele loossen.

Dëst ass déi siwent Konventioun no sechs aneren, vun deene mer der fënnef ugehall hunn. Et ass just eng, déi mer net ugehall hunn, dat ass déi iwwert d'Protektioun vum Milieu subaquatique, deen natierlech zu Lëtzebuerg vläicht net esou wichteg ass wéi an anere grouse Länner.

Dës Konventioun also ass en Traité norma-tif, wou d'Länner sech also engagéieren, fir déi Diversité culturelle ze respektéieren. An der Déclaration universelle vun der UNESCO vun 2001 ass schonn déi Diver-sité culturelle als ee wichtigen Objektiv unerkannt ginn. Et ass awer d'Meenung ge-wiescht, dass et besser wär, et hätt een eng Konventioun dozou, ebe just fir Länner der-zou ze kréien, fir eben déi Diversité cultu-relle ze respektéieren. An déi Diversité cul-turelle, déi gëtt net iwwerall respektéiert - och net an Europa!

Wann een iwwregens vun Diversité cultu-relle schwätzt, dat muss ech derbäifügen, geet et net nëmmen ëm Konscht oder ëm Kultur am traditionelle Sënn; et geet ëm Lie-wensweisen; et geet ëm Modes de vie; ëm d'Manéier, wéi e Vollek oder e Grupp vun engem Vollek zesummelieft; wéi seng Sprooch ass; ob seng Sprooch respektéiert gëtt an esou weider.

Zum Beispill hu Sinti a Roma extra Manéie-ren, fir zesummenzeliewen: Dat ass och Kultur a muss och respektéiert ginn.